National - Dageselteren

# Wéi gesäit d’Zukunft vun hirem Beruff aus?

Vum Anouk Siebenaler (Télé)|Update: 22.10.2019 16:10|
Dageselteren: Wéi gesäit d’Zukunft vun hirem Beruff aus?



Méi ewéi 20% vun den Dageselteren hunn tëscht 2016 an 2019 hire Beruff un den Nol gehaangen, wouru läit dat a wäert sech an Zukunft eppes änneren?

1.450 Accueil-Strukture gëtt et den Ament zu Lëtzebuerg, gutt en Drëttel dovu maachen Dageselteren aus, déi d’Kanner bei sech doheem betreien. Ma an de leschten 3 Joer huet dëse Beruffszweig e Réckgang vun iwwer 20 Prozent erlieft. Aus Siicht vum Ministère léisst sech dat op en Hiewe vu Qualitéitsufuerderungen zréckféieren, vu Säite vun den Dageseltere fillt ee sech onfair behandelt, well een anescht subventionéiert gëtt ewéi d’Konkurrenz.

Wärend eng Maison Relais oder Crèche mat maximal 6 Euro subventionéiert gëtt, sinn et bei Dageseltere just maximal 3,75 Euro, déi d’Eltere pro Stonn a Kand vum Staat bezuelt kréien. An den Ae vum Stella Falkenberg, déi viru 6 Joer d’Dageselteren Network ASBL gegrënnt huet, läit hei de Grond firwat esouvill Dageselteren an de leschte Joren hu missten ophalen.

"*Wann an der Umgebung eng nei Maison Relais oder Crèche opmécht, ginn d’Dageselteren aarbechtslos. Dat lount sech einfach net méi , well d’Mamm, déi hiert Kand wëll versuerge loossen, sech d’Dagesmamm net méi leeschte kann.*", esou d'Stella Falkenberg.

De Ministère erkläert, déi ënnerschiddlech Subventionéierunge wären dorop zréckzeféieren, dass d’Käschte vun den Dageseltere méi geréng wären ewéi déi vun den institutionelle Betreiungsstrukturen. Vun hirer Säit gëtt betount, wéi wichteg et hinne wier, de Beruff vun den Dageselteren ze erhalen an dass dowéinst d’Subventionéierunge virun 2 Joer och scho vun 3,50 Euro op 3,75 Euro an d’Luucht gesat an Owestariffer agefouert gi sinn. Ob dat net schonn duergoe géif, fir en akzeptabele Salaire ze garantéieren, wier een am Gaang ze iwwerpréiwen.

D’Perrine Felix  ass selwer Mamm vu 5 Kanner an zanter 10 Joer Dagesmamm zu Péiteng. Well an hirer Regioun d’Konzentratioun vun Dagesmamme relativ héich ass, kéint si net méi ewéi 3,75 Euro pro Kand a Stonn froen, erkläert d’Perrine. Hiren Dag fänkt moies um hallwer 6 un an et dauert och schonn emol bis no 10 Auer, ier dat lescht Kand ofgeholl gëtt, trotzdeem bleiwen hir Netto net méi ewéi 2.200 Euro. Dovu mussen dann esouwuel déi privat Käschte gedeckt ginn ewéi och all déi Käschten, déi als Dagesmamm ufalen, sief et fir Spillsaachen, Formatiounen, Bensin oder Aktivitéiten.

An der Diskussioun, dass d’Dageselteren sech net fair behandelt fillen, spillen nieft de Subventiounen och déi 20 Gratisstonnen eng Roll, déi fir de méisproochegen Erzéiungsprogramm vun den 1-4 Joer alen agefouert goufen. Egal wéi qualifizéiert eng Dagesmamm ass, Kanner méisproocheg ze erzéien, déi 20 Gratisstonne bleiwe fir d’Maison Relaisen an d’Crèche reservéiert, well de Ministère heifir un engem Modell festhält, fir deen et op d'mannst 2 Betreiungspersoune brauch. Fir de Ministère kéint eng Léisung hei am Konzept vun de Mini-Crèchë leien.

"*Mir hunn d’Konzept vun de Minicrèchen agefouert an der Hoffnung, dass d'Dageseltere sech géifen zesummendoe mat vläicht enger Persoun déi en Educateurs-Diplom huet an zesummen eng kleng Mini-Crèche géifen opmaachen, fir iwwert dee Wee och kënnen ze profitéiere vun deenen Aiden an der Formation plurilingue an hinnen domadder Perspektive kënnen ze ginn an hirem Beruff.*”, erkläert de Lex Folscheid, Premier Conseiller de Gouvernement MENJE.

De Projet Mini-Crèchë leeft allerdéngs nëmme lues un. Zanter dem 7.Januar dierfen esou Mini-Crèchen opmaachen, ma aktuell leie just 2 Demandë vir. Fir Dageseltere schéngt virun allem déi finanziell Hürd ze héich.